N° 8201
Entrée le 02.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 03.08.2023

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 2. August 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Rezent ass et zu aussergewéinlech villen Iwwerfäll a souguer Messerpickereien uechter d'Land komm. Eleng bannent deene leschte puer Deeg koum et zu enger Messerpickerei zu Gréiwemaacher, zu enger Schéisserei zu Esch an zu enger weiderer Messerpickerei zu Rëmerschen. Dobäi kommen eng ganz Partie Iwwerfäll an Abréch déi vun der Police verzeechent gi sinn. Dës Tendenzen, déi eng kloer Hausse u graven Infraktioune weisen, sinn a Vakanzenzäiten, wéi dat aktuell de Fall ass, ëmsou méi beonrouegend.

An deem Kontext wéilte mir folgend Froen un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet stellen:

- Woura gesäit den Här Minister d'Ursaache fir dës rezent signifikant Hausse u graven Infraktiounen?
- Wat gedenkt de Minister ze ënnerhuele fir dësen Tendenzen entgéint ze wierken?
- Wat ass schonn ënnerholl gi fir esou Virfäll preventiv entgéint ze wierken?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Léon Gloden **Laurent Mosar**
Deputéiert